



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An deene leschten Deeg si jo schonn déi verschiddenst Aspekter vum Deconfinement beliicht ginn. Iwwert d'Schicksal vun de Jugendhaiser ass awer nach näischt gesot ginn, ausser datt a verschiddene Gemengen dru geduecht gëtt fir déi Raimlechkeeten ze benotze fir Plaz fir Crèchen oder aner Betreuungsstrukturen ze schafen.

D'Jugendhaiser sinn awer hautdesdaags e ganz wichtegt Element an der sozialer Aarbecht. Si sinn eng wichteg Stäip fir fragiliséiert Jonker a bidden hinne qualifizéiert a motivéiert Uspriechpartner. Si hunn wichteg edukativ Aktivitéiten, déi ville Jonken eng gewëssen Autonomie kënnen ginn. Am *Outreach* gëtt geziilt no deene Jonken op der Strooss gekuckt (*NEET - Not in Education, Employment, or Training*).

Esou wichteg Aktivitéite bedéngen dacks e perséinlecht Gespréich an enger vertrauensvoller Atmosphär a kënnen net duerch digital Kontakter ersat ginn.

An dem Zesammenhank wollt ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

1. Wat plangt d'Regierung am Hibleck op d'Reouverture vun de Jugendhaiser?
2. Wéi gëtt während der Kris déi sozial Aarbecht mat deene fragiliséierte Jonken organiséiert? Wéi gëtt d'Kontinuitéit vun der Betreierung garantéiert?
3. Ass et richtig, datt verschidde Jugendhaiser sollen zu Betreuungsstrukture fir Kanner ëmgewandelt ginn? Wa jo, wou a fir wéi laang? Wéi eng Konsequenzen hätt dat op déi sozial Aarbecht mat deene Jonken?

4. Wat geschitt fir déi Zäit mam Personal vun de Jugendhaiser? Musse si an der Kannerbetreuung mathëllefen oder bleiwen si fir d'Kontakter mat deene fragiliséierte Jonke verantwortlech? Kënnen d'Membere vum Personal bei hirer eventueller Reaffektéierung mat decidéieren? Gëtt et do eng allgemeng aarbechtsrechtlech Reegelung oder gëllen an ënnerschiddleche Jugendhaiser aner rechtlech Bedéngungen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten